

Här Präsident,

Wéi de Marc Baum et gëschter scho gesoot huet, huet een den Androck, wann een den état de la nation vum Premier virgëschter nogelauschtert huet, wéi hien mat den Zuelen jongléiert huet, datt hei Lëtzebuerg sech a Richtung vu bléiende Landschaften entwéckelt.

Wann ech mir eng Partie Rieden an dëser Chamber unhéieren, sief et vun de Majoritéitsparteien wéi och vun der CSV, hun ech den Androck an enger Paralleelwelt ze liewen.

Well dobaussen héieren ech ganz aner Téin – sief et waat d'Liewensqualitéit ugeet, d'Arbeitskonditiounen awer och – a ganz vill – waat de Logement ugeet.

Mir sin déi 1. Finanzplaz vun der Eurozon, déi 2. An EU an déi 14. weltwäit. Mir sin ee vun den räichste Länner weltwäit an mir si superkompetitiv well d'Leit hei am meeschte schaffen no Rumänien an d'Betriber eng vun deenen déifsten Besteierungen hei hun an nach, no dëser Steierreform, nach manner wäerten bezuelen.

Mir sin am Fong geholl am kapitalisteschen Paradäis.

Mee et gin aner Realiéiten, déi dëser Regierung definitiv net bewosst sin.

Déi aner Realitéit jenseits vun der Big Four Realitéit, jenseits vun der Fedil-Realitéit as datt mer e Land sin wou ee mat engem Mindestloun ganz schlecht auskennt well deem ze déif.

An déi, déi déif Salairen hun, an där gin et der ëmmer méi, déi kréien en anere Probleem : si ruinéiere sech fir hir Wunneng wou se Locataire sin, ze bezuelen.

Trotz Triple A ! Trotz Finanzplaz !

Am « Triple A Lëtzebuerg » as et normal gin datt een 800 Euro - ouni Chargen ! - muss fir eng Réffbuud vun 25 Meter carré blechen.

Am « Triple A Lëtzebuerg » kascht de Loyer vun enger normaler Wunneng am Duerchschnitt méi wéi en halwe Mindestloun.

Am « Triple A Lëtzebuerg » huet sech den Undeel vun deene Leit, déi méi wéi 40% vun hirem Revenu fir eng Wunneng ausgin innerhalb vun 9 Joer baal verduebelt.

Am « Triple A Lëtzebuerg » liewt bis een Drëttel vun de Leit, déi ennert der Armutsgrenz sin - an daat sin der eng jett wéi de Marc Baum nach gëschter erennert huet – an iwwerbewunnte Wunnungen.

Am « Triple A Lëtzebuerg » si baal een Drëttel vun de Locataireen am Taux de surcharge, daat heescht si bezuele méi wéi 40% vun hire Revenu'en. An daat gëllt och fir Allengerzéiender !

Am « Triple A Lëtzebuerg » hun 74% vun de Locataireen kee Walrecht.

Daat riskéiert zwar mat der Zäit ze änneren, well manner Leit Propriétaire kenne gin.

An daat as de Probleem mat dëser Regierung : fir si as d'Logementspolitik virun allem eng Politik fir Propriétaires.

Oh, pardon ! Lo kommt der, an dir soot do gëtt et dach di wonnerschéin Subvention loyer.

Mee waat as de Probleem mat dëser Subvention Loyer ? Wee bezillt se ? De Steierzueler !

De besserverdingenden Steierzueler, de mëttelverdingenden Steierzueler, an och de Steierzueler dee ganz ënnen as an deemnowéi am Genoss vun dëser Hëllef kennt.

Waat e genialen Trick ! Du hues e Loyer deen ze héich as, du verdings net genuch – mee du kriss eng Hellef. Eng Hellef déi's de selwer mat dengem eegenen Suen bezuelt hues.

An dann kennt d'Regierung dohin a verkeeft et als supersozial Mesür !

Waat e genialen Trick !

Wéi ech et virdu gesoot hun : dës Regierung mengt de Wunnensprobleem hei ze léisen andeems d'Propriétaires Cadeau'e kritt.

Daat am Kader vun der Steierreform : et gëtt gesoot et muss méi op de Marché, an dofir gëtt den Besteuerungstaux vun der Plus-value nom Verkaf vun enger Immobilie vun der Halschent op ee Véierel erofgesat. Propriétaire soe merci.

Dann de Plafong vum Abatement bei der Epargne-Logement fir « Jonker », also déi, déi manner wéi 40 sin.

Daat as vläit nach gutt fir déi, déi an dëser Situatioun sin fir iwwerhaupt esou e Prêt ze maachen. Mee wat wann ee guer net am Genoss vun esou engem Prêt komme kann ?

Den Arbechtsmarché fir Jonker, deen ännert ëmmer méi.

Da versich emol esou e Prêt ze kréien wannsde vu Kuerzzäitvertrag op Kuerzzäitvertrag wanders.

Da versich emol e Prêt ze kréien am Mindestloun oder esouguer e bessen driwwer.

An och déi aner Mesür déi virgeschloe gouf, wéi den ofsetzbare Montant op Débiteurs-Zensen bei engem Prêt immobilier deen eropgesaat gëtt. Gutt fir di Leit, mee daat betrifft eng Catégorie vun der Bevölkerung aus den Mëttelschichten oder bessere Mëttelschichten déi iwwerhaupt a Fro kommen fir esou e Prêt !

Dës Regierung mécht nëmme Schwindel : présentiert Mesüren fir déi bessergestallten a verkeeft se als Sozialmesür.

Daat as wéi wann een den Abatement géif erofsetzen fir eng aide à domicile an daat als Mesür géing verkafen fir Botzfraen.

Här Präsident,

Den Här Bodry huet gëschter gesoot et hätt keen hei eng Léisung fir de LogementsProbleem innerhalb vu kuerzer Zäit ze reegelen.

Daat as net falsch. Och mir vun déi Lénk behapten net mir hätten d'Léisungen fir kuerzfristeg den Logementsprobleem ze léisen deen duerch eng jorzingtenal désastréis Politik oder Net-Politik ze léisen.

Hien huet gesot et misst een mindestens 4.500 Wunnengen d'Joer bauen fir nozekommen. Daat as richteg a wahrscheinlech as et souguer méi je no Berechnung. Et kéint een et och op 6.500 pro Joer setzen, wéi de LISER daat mécht. Mee et geet elo net drëms sech op eng magesch Zuel festzeléen. Déi gött et net, e.a. och well méi bauen net déi eenzeg Léisung as.

An do gin et e puer Axen :

- Hei zu Lëtzebuerg gin et wahrscheinlech tëscht 10 an 20.000 eidelstoend Wunnengen, déi ganz oft, Spekulationsobjekter gin. An do muss een dru goen. A mir maachen do och Virschléi : zB kéint een di Objekter an enger éischer Phase richteg taxéieren, 1 Mol, 2 Mol, 3 Mol esou datt et net méi intressant as domadder ze spekuléieren.

Wann daat awer och net duergeet, da kann eng öffentlech Agence kommen an déi Wunnengen oder Terrain'en temporairement iwwerhuelen, bebauen, respektiv Locataire drasetzen, an dann kann de Propriétaire et rem zreckkréien.

- An et gin awer och Mesüeren déi ee kann huelen fir d'Locataire. Richteg Mesüeren. Zur alleréisch : Locataire hu Rechter zu Lëtzebuerg. Ob se hir Rechter kennen, daat as net ëmmer esou kloer. Dofir hu mir als déi Lénk, am Kader vun eiser Logements-Campagne eng Brochüre erausgin wou se hir Rechter erkläert kréien.

Mee et geet natierlech net duer datt se hir Rechter kennen, si mussen se och kennen gëlle loossen. Dofir gin et Loyers-Commissiounen an de Gemengen. Däer hiren Funktionement as awer net ëmmer optimal. Déi Commissiounen muss ee stäerken

Mee och wa Locataire Rechter hun, brauchen se der nach méi. Do kann een sech e puer Saachen iwwerlénen : zB grad waat d'Transparenz vun de Loyers'en ugeet. Déi sin schon plafonnéiert op 5 % vum Capital investi. Gëtt déi respektéiert ? An iwwerhapt misst een de Plafong revidéieren a vläit och regional staffelen.

- Waat een och kéint aféieren, daat as zum Beispill datt d'Commissiounen déi een un eng Agence bezillt, datt déi vum Propriétaire an net vum Acheteur bezuelt gëtt.
- Et kéint een sech och virstellen datt zum Beispill d'Cautioun déi een engem Propriétaire hannerléisst op engem Mount Loyer gesetzlech limitéiere géif, well ganz oft 2 oder 3 Méint gefrot gin. Daat kann 3.000 oder 4.000 oder souguer méi sin. An daat sin Liquiditéiten iwwert déi grad e Locataire net verfügt.
- An dann, erem eng Kéier, et muss massiv gebaut gin. An daat waat gebaut muss erschwinglech sin. An do gleewe mir net datt de sougenannten fräie Maart daat reegele wäert. Ech si keen Unhänger vun der kapitalistescher Maartwirtschaft, mee ech kennen awer hir Reegelen.
- Well och wa gebaut gëtt iwwert d'SNHBM oder de Fonds du Logement, geet et bei wäitem net duer ! An daat waat do gebaut gëtt muss prioritär als Location verfügbar sin an net als Vente. Mee daat as net Fall.
- Dofir menge mir och datt mer zu Lëtzebuerg eng öffentlech Wunnengbaugesellschaft brauchen, déi selwer baut, déi keeft, déi souguer Leit kéint ausbilden. Also och nätzlech an éierbar Arbechtsplazen schaafe kéint. Well daat as jo och nach e Probleem : déi Leit déi um Bau schaffen, déi gin oft behandelt a bezuelt wéi daat läscht.



An dann gin endlech normal a schéin Wunnengen gebaut fir normal Leit déi hei liewen – a schéinen oder manner schéine Leit, affaire de goût – gebaut amplaz Luxuswunnengen fir ultraräich Leit aus dem Ausland.

Ech wollt awer och drop hiweisen datt mer näischt virschloen waat et néierens géif gin.